

## Ried Marco Schank zu der Mobilitéit

Här Präsident,

Dir Dammen an dir Hären,

Virun zimlich genee 6 Joer, also 1 1/2 Joer éier déi vieregt Regierung sollt ophaalen, huet den deemolege Minister Claude Wiseler déi global Strategie fir eng nohalteg Mobilitéit, kuerz **MoDu**, présentéiert.

Dëss Initiativ ass an der Chamber och vun den gréissten Oppositionsparteien am Kader vun enger gemeinsamer Motioun matgedroe ginn.

**An**, - dëss Initiativ war deemols eng ganz nei Philosophie fir un dës – **méi wi je aktuell** - Problematik erunzegen, an mir sinn frou ze gesinn, dass di **heiteg Regierung** dës Strategie an hiere Grondzich weidergefouert huet.

De **vum Claude Wiseler présentéierte MoDu** höet de **Mérite** fir d'Konzept vun der **Multi-Modalitéit** an den öffentlichen Débat verankert ze hunn, - an eben och kloer Objektiver formuléiert ze hunn, wat **d'Evolutioun vun de Parts modales** am öffentlichen Transport, resp. der *Modalité douce*.

D'Initiativ vun der aktueller Regierung **fir dëse Programm un d'Begebenheeten vun haut unzepassen** begréisse mir selbstverständlich.

Mir **froen** eis allerdengs, wisou d'Regierung esou spéit domat kënnt,- a wéi d'Strategi an deem wichtege Secteur, – en vue vum MoDu 2.0 -, **definitiv** wäert ausgesinn.

Déi aus der jéngster **Enquete « luxmobil.lu »** resultéierend Chifferen weisen eis jo och ganz däitlech, wéi vill Handlungsbedarf nach besteet, - a waat och **no gutt véier Joer Dräier-Koalitioun** effektiv nach ze maache bleiwt.

D'Fro vun der Mobilitéit ass eng déi am direkten Zesammenhang mam **Wuesstum** vun eisem Land muss analyséiert ginn.

Mir steieren mat héijer Vitesse op een **800.000 Awunner – oder méi - Staat** duer, an dofir ass et wichteg eng adäquat Mobilitéitspolitik an d'Weeër ze leeden fir den Herausforderungen vun der Zukunft an deem wichtege Secteur gerecht ze ginn.

Fir eis ass et wichteg fir och an Zukunft **d'Investissementer weider héich** zehaalen, - allerdéngs sollten dëss sech net nëmmen op den Ausbau vun den **Zuch, Bus a Mobilitéit douce** ze fokusséieren, - mee datt eben och an **d'Stroossennetzer** muss weiderhin investéiert ginn.

Op eis genau Positionen an Alternativen kommen ech méi spéit a menger Ried nach ze schwätzen.

Mir hunn eis am Ufank d'Fro gestallt, firwat hei iwwee diesen Thema soll diskutéiert ginn, wann den zoustännige Minister d'Pläng fir den Modu 2.0 elo wëll **am Mee** présentéieren ?

Sollen dëss z.B. dann **no dëser Consultatioun nach enger Kéier nei** opgeworf ginn ?

Fir d'CSV wär et logesch gewiescht eng Diskussioun ze féieren nodeems an der Chamber e.a. **mat verschiddenen concernéierten Acteure geschwaat** gi wier, an och d'Regierung eng – zumindest graff - ausgeschaffte Proposition virgeluecht hätt.

An deem Fall hätte kënnen all Parteien iwver **konkret Proposen** diskutéieren, an et wiere söcher **nach ganz aaner Froen** op den Dösch komm, wi déi, di lo gestallt goufen.

No der heitiger Prozedur fënnt **keng wirklech fondéiert** Debatt zu dësem elementare Sujet an der Chamber statt, wat mir als Fraktioun natirlech bedauern.

**De MoDu 2.0 misst eiser Meenung no an der Chamber** diskutéiert gin, - a wär et net sënnvoll gewiescht **een däitlechen a kloren Accord iwver all Parteien ewech** fir dëst neit Konzept ze kréien. Dës kéinnt, grad sou wei beim MoDu 2013, **méi Kontinuitéit** garantéieren.

Zu den 10 gestallten Froen am Kader vun dessem Débat, wëllen mir als CSV ganz allgemeng soen, dass se zum Deel **selbstredend mat Jo** ze beäntwerte sinn, - oder awer **och deelweis net einfach** ze beäntwerte sinn, z.B. wann ee no objectifs de parts modales en vue vun 2025 freet.

Fir ganz konkret op verschidde Froen äentwerten ze können, misst een Zougang zu Donneneen hunn, déi mir als Oppositoun net hunn, - net können hunn.

Här Präsident,

Als allgemeng Äntwert op déi 10 gestallte Froen wëlle mir soen, **dass mir Ziilsetzungen** brauchen, déi den **öffentlechen Transport ömmer méi stärke wäerten**, - a **gleichzäiteg den Individualverkéier entspreechend erfzesetzen**.

Dofir muss mir als Politik suergen an déi richteg Mesuren ergreifen. D'Fro déi sech stellt an déi och de Minister sech muss stellen ass : wéi setzt d'Regierung **di Suën**, déi se zur Verfügung huet, **best méiglich** an.

Mir hunn als d'CSV an deene vergangene Joren eng Parti konkret Proposen an Alternativen op den Dösch geléicht.

De Claude Wiseler haat, wéi scho gesot, an senger Zäit als Minister eng ganz Reih Initiativen fir eng besser Mobilitéit zu Lëtzebuerg an d'Weeër geleet. Sou sinn **ännert der virigter schwarz-rouder Regierung an de Joeren 2009-2013 3,7%-4,3% vum PIB** investéiert ginn a Infrastruktur-Projet'en fir eng verbessert Mobilitéit am Land.

Et muss een dobäi bedenken, dass et sech heibäi em Zäiten vun enger **weltwäiter Wirtschaftskris** gehandelt huet.

Deemgéigeniwwer stinn **bei der aktueller Regierung Investissementer vun 3,6% bis och 4,3% vum PIB, an dat an Zäiten vun engem méi héige Wuesstum wéi déi Joeren virdrun. Déi relativ Zuelen sinn deemno bal identesch.**

**Et gött aktuell deene viregte Regierungen dacks reprochéiert, et hätt een net genuch investéiert an dofir hätt een elo Retarden bei den Infrastrukturprojet'en.**

**Mir fannen dat *de mauvaise foi*, well déi aktuell Regierung, wéi grad duergeluecht, net méi investéiert huet wéi virdrun. Et kann een demno net behaupten di virigt Regierung hätt nächst oder manner gemeet.**

Ech wëll dann elo och bëssen méi am Détail op dat agoen, wat **mir** an de verschiddene Secteuren wéi Tram, Stroossenbau, Zuchnetzer, innovativ Méiglechkeeten fir d'Mobilitéit vun muer proposéiren :

De **fréieren Nohaltegkeetsminister** huet als Minister den Tram jo no laangem hin an hier op den Instanzewee bruecht. Mir freeën äis och driwwer, dass déi aktuell Regierung **dése Projet weidergedriwwen** huet, - an den 10. Dezember lescht Joer den éischten Abschnitt vun der Tramstreck opgaangen ass.

Och mat **deene geplangten Ausweidungen vum Tramsréseau** si mir absolut averstaanen.

Doniewent sinn mir als CSV awer och nach fir **weider Extensiounen vum Tram, an dat net nëmmen op Leideleng, mee och op Nidderanven a Contern**. Et ass wichteg fir hei eenzel grouss **Raim ronderëm d' Stad** ze vernetzen an sou den Traffic z'entlaaschten.

Och eng **Netz-Erweiterung** vum **Tram a Richtung Westen (Stroossen, Mamer, Bartréng)** ass eng **noutwendeg** Approche. Et mus een sech awer d'Fro stellen, iwwer wéi een Wee eng Ausweitung **a Richtung Mamer** am beschten funktionnéiert ?

Mir kéinten eis och een **Tracé iwwer Hollerech/ Zéisseng** viirstellen, woumat dee Quartier och direkt mat agebonnen wär. D'Areler Strooss kéint eventuell vum Gabarit net breed genuch sinn.

Am Kader vum Ausbau vun den **Tramnetzer** **mussen dann och weider P&R Méiglechkeeten – an nit ze viurgiesen, och car-sharing-Parkplazen** - offréiert ginn.

Dat selwescht gëllt natirlech och fir **all Zuchgaren** am Land. Nëmme esou gëtt den öffentlichen Transport fir d'Bierger aus dem Land méi komfortabel an domat och méi attraktiv.

Ronderem d' Stad fuerdere mir niewent den Extensioune vum Tram och nach een **Héichleeschtungsbus op eegenem Tracé** wat déi **verschidden Quartier'en** soll mateneen verbannen **ouni den Traffic duerch de Stadkär** leeden ze mussen.

Dës soll an enker Ofstëmmung mam Tram-Réseau funktionnéieren an esou zu manner Traffic an der Stad féieren. (lignes périphériques)

D'Fro ass wéi d'Regierung sech all dës Ausbauten viirstellt ? Wat ass en realistesch Zäitplang? Mir sinn op alle Fall dofir dës Ausbauten sou séier wéi méiglech virun ze driwen.

Här Präsident,

Och bei den Zichréseauen sinn an de leschte Joeren eng Reih Mesurën geplangt resp. ëmgesat ginn.

Den **Ausbau vun der Gare an der Stad** – (Projet viergëscht gestëmmt) - sou wéi och den Ausbau op d'Zweegleisegkeet vun där enger oder aanerer Streck begréissen mir ausdrécklech an sinn iwwerzeegt vum positiven Effekt vun dese Mesuren.

Eng Reih vun dese Mesuren leien **an der Kontinuitéit vun der vieregter Regierung**, déi sénger Zäit - beispillsweis - den **Tram** oder och den **Arret Paafendall-Kierchbierg mam Funiculaire** decidéiert huet.

Döefir fuerderen mir, datt verschidden Investissementer bei den Zich schnellstméiglechst viirgeholl ginn. D'Leit aus dem Norden waarde mat Schmäerzen op den Ausbau vun der **Gare zu Ettelbréck** – *vläicht kann de Minister do äis **definitiv ee realistischen Zäitpunkt** nennen, wou et soll ugoën* -, dobäi kënnt den Ausbau vun der Gare **Hollerech-Zéisseng (Gesseknäppchen)** an och vun der Gare zu **Dummeldeng**.

Doniewent müssen och op der **Nordstreck** sou séier wéi méiglech **Verbesserungen a Richtung Zweegleisegkeet** gemaach ginn, wëll soën, datt mir tëschent Elwen an Ettelbréck **méi « voies d'évitement »** brauchen, fir d'Pünktlichkeet op deem Streckeberäich méi robust ze gestalten.

Döefir meng **Fro** : - sinn zu Mëchela, oder uewent der Giewelsmillen resp. tëschent Clierf an Elwen zousätzlich Aarbechten an deem Kontext geplangt ?

Insgesamt ass et noutwendig, dass an Zukunft de Gros vun de Garen am Land erneiert a moderniséiert ginn fir esou de Confort an och d'Sécherheet vun de Passagéier ze verbessern.

Wéi schonn gesot, sollten och **bei alle Garen d'Parkméiglechkeeten** erweidert ginn fir esou de Comfort fir d'Passagéier z'erhéigen. An deem Kontext soll een och driwwer nodenken, **ob net am ländliche Raum een Zoubrengerdingscht eng sönnvoll Léisung** kéinnt bedeiten.

Wann een dovun ausgeet, datt **no** deem geplangten **Bau vun 2 zousätzliche Quaien op der Stater Gare keng Erweuderung méi méiglich** ass, - muss een sich iwwerleeën mat Höllef vun engem **Bypass** verschidden **Zich aus dem Osten** direkt an de Süden fueren ze lossen.

**Ee Bypass** ass méiglicherweis och eng Léisung fir **Zich vun der Beetebuerger Streck** direkt an **d'Belge** weiderfueren ze lossen. Mir

mussen d'Gare an der Staat entlaaschten fir esou méi d'Frequenz an d'Vitesse fir déi aaner Zich kënnen ze garantéieren.

Am **Osten vum Land** könnt et an deene leschte Méint duerch de Fuerplangwiessel ëmmer erëm zu Retarden. D'Flexibilitéit fir d'Zuchclientën aus der Region huet ferrëm gelidden a vill Onzefriddenheet höet sich ugestaut.

An deem Kontext wollte mir froen, ob d'CFL plangen hei nit awer trotzdem **virum Dezember 2019** – deemno virun dem Fäerdegstellen vum 2. Viadukt Polvermillen resp. deene neie Quaien an der Stater Gare, - **Ännerungen am Sënn vun hiere Clienten** sollten an d'Wee leeden ?

Här President,

An desem Kontext wollt ech dann och nach eemol op de **Problem vun de Retardën beim Zuch zrëckkommen.**

**Ech fueren all Dag mam Zuch**, a kréien döefir och de Frust vun den CFL-Clientë mat. Ënner den aktuellen Konditiounen op verschiddenen Zuchstrecken am Land soe Leit engem ömmer ewrem, datt se erem op den Auto zeréckzegräifen.

**Den öffentli. Trandport leeft vun der Pünktlichkeit an der Zouverlässigkeit – an anere Wieder : d'Clienten müssen op den Zuch verloosse kënnen.**

An enger vun de leschten Editiounen vum « Transport » - dem Bulletin vum SYPROLUX – konnt ee liesen, datt den CFL-Direkter am leschte **Comité Mixte** vum 7.Mäerz 2018 a sengem Rapport gesot huet, dat d’Pünktlichkeit sich am Verglach zum Jor virdrun verschlechtert, ausser bei 2 Linnen.

Folgend **Ursaache** goufen opgezeelt:

- verspéit bereetstellen vum Rollmaterial,
- Pannen am Infrastrukturberäich,
- Verspéidungen am Zesammenhang vun de Chantieren,
- a nit manner wéi 40% vun de Verspéidungen giffen op de sougenannten „Domino“-Effekt zréckgoen.

**An deem Dokument wat mir als Chamber zu deem Sujet kruuten, ass näicht iwwer d’Ursaachen ze fannen. E puer Zöelen erausgegraff :**

**2017 wieren et 440 Reklamatioune wéint Redarden ginn par rapport zu 124 am Jor 2016.**

**Bei der Pünktlichkeit vun de Voyageuren ass se am 1.Quartal 2018 par rapport zu 2017 op 4 Linnen (vu 6 ) erofgaang, bei den Zich ass se am selwichten Zäitraum 10, 30 a 90 erofgaang, bei deenen aneren 3 Linnen erop.**

**Et göt och gesot, dat ee groussen Deel vun de Retarden opgrond vun DisponibilitéitsProblemer beim Material entstinn.**

**Ech wollt d’Fro stellen, ob nach investéiert göt fir dat ze behiewen ?**

>>> Am Kontext vun de Verspéidungen, nach ee Saatz : **keen CFL-Client versteet, wirwat Verspéidungen vu manner wéi 6 Minuten keng Verspéidunge sinn ?** 5-6 Minutte gi völlig duer fir d’Korrespondenz ze verpassen, fir dann eng Éiwigkeet op dee **nächste** Bus ze waarden. 3 Minutte könnt een evt. nach novollzéien .....

Här President,

Ech hunn op deser Plaaz **schon 2mol** op eng noahmenswert **Initiativ vun der Deutschen Bahn** higewissen, - deen ech vun **Eisebunns-Experten** rekommandéiert kruut, - op daat ech keng Reaktioun kruut.

Do göt et nämlich de sougenannten « **PlanStart-Team** »-Projet mat senge **Coordinateuren, déi iwwer Wochen a Méint an enger Regioun (um Terrain) kucken an iwwerwaachen** – an daat dagdeeglich - **wéi eng Problemer et mat Verspéidungen get**, - Verspéidungen di ömmer erömkommen, a wou da **mat dee gesammelten Donneen Léisunge gesicht ginn**. – Och d’CFL misst jo a Saache Verspéidungen, d’Rad nit nei erfannen,

**- wirwat nit sou eng Initiativ préifen fir e.E. d'Situatioun ze verbessern?**

A menger **Heure d'actualité** iwwer dee neie Fahrplan vum Dezember 2017 haat ech och **d'Problematik vun der Kommunikatioun** bei den CFL ugeschwaat, an do haat den Här Minister och gesot – ech zitieren – **„den Informatiounssystem, deen ass einfach schlecht. Dat ass ganz kloer. Dat weess d'CFL och an ech hunn hinnen och scho méi wéi eng Kéier gesot: Ech hätt gär, datt Der virumacht..«**

**An deem Kontext höet de Minister versprach bei der Exploitatioun vum Réseau a.p. Kommunikatioun an Informatioun fir d'Clienten méi ze leeschten, z.B. wou Zich *am temps réel* dru sinn.**

**Sou gouf och vun der CFL-Direktioun an Aussicht gestallt fir e.a. hier Mataarbechter – deemno d'Zuchbegleeder - mat Tablets z'equipieren** fir am Kontakt mat Leitzentralen hier Clienten méi efficace iwwer Retarden an entspreechend Changementer resp. alternativ Zuchverbindungen z'informieren.

**Meng Fro: ass an deem Kontext lo scho méi geschitt ...?**

Här Präsident,

Et ginn am Themefeld Mobilitéit och nach eng ganz Reih aner Stellschrauwen un deneen een dréine kann. Déi goufen an deenen 10 Froen ugeschwaat, an och op déi wollte mir kuerz agoen.

Den Themen **Car-Sharing a Co-Voiturage** sti mir **absolut positiv** géigeniwwer, allerdengs önnesträiche lescht Etuden och dättelech **d'Retizenz vun de Letzebuenger resp. de Résidenten** zu desem Sujet.

Sou konnt een d'lescht Woch beispillsweis am Wort liesen « *Luxemburger teilen ungern ihr Auto* ». Enger **aktueller TNS-Ilres Fro** no wéillten deemno 68% vun de Leit, di gefrot goufen, an déi de Prinzip vum **Car-Sharing** kennen, **de System net emol ausprobéieren**.

**Nömmen 22% vun de Befrooten** hu sich **manner ofgeneigt** gewissen. Och wann dössen Deel vun der Bevölkerung di Offer bis well nach net notzt, wöll se daat an nächster Zäit awer machen.

Och wann hei deemno **nach vill Iwwerzeuchungsaarbecht** ze leeschte bleiwt, ass all zousätzlichen Auto dee net muss kaaft ginn, eng gutt Saach.

Et ass also wichteg de Leit nach besser z'erklären, wéi eng Avantage dëss Konzepter fir si perséinlech hunn, an se domat besser fir de Car-Sharing ze sensibiliséieren.

Eng **verbessert Digitaliséierung** an desem Kontext iwwer de Wee vun **enger App** géing hei secherlech an der Praxis weider helléfen. Sou eng App ass virun 3 Joer vun der Regierung ugekënnegt ginn, get et awer eises Wössen no bis well nach nit.

Nievt engem **Emdenken a.p. Mentalitéit** vun de Leit, muss un dese Systemer nach weider gefeilt ginn, resp. müssen se **méi User-friendly** gemaach ginn?

Op deser Plaz soll och op d' **Mobilité douce** higewisse ginn – e.a. de **Veloh** an der Stad, dee scho vum **vieregte Schäfferot op den Instanzewee bruecht ginn ass.**

Den neie Schäfferot huet en doriwwer eraus nach **ganz op Elektro-Veloen emgestallt**. Optimal wier söcher, wa sou ee System am ganze Land giff d'selwescht funktionnéieren.

Et mécht Sönn de Velo als Fortbewegungsmittel insgesamt méi ze préconiséieren. Et ass hei scho muenches geschitt, allerdengs wann een sech d'Chifferen aus Etuden ukuckt, ass och **nach vill Loft no uewen** an dorun sollt intensiv geschafft ginn.

Et muss och weiderhin an Velospisten investéiert ginn, an dat uerschtert d'ganz Land. Nömmen **wann sech d'Velosfuerer och söcher spieren**, wäerte si verstärkt mam Velo op d'Aarbescht fueren.

Här President,

Niewent den schonn présentéierten Proposen setzen mir eis fir **Verkéisersleit- a Parkleitsystemer, awer och digital Informatiounssystemer** an fir sou **den IndividualVerkéisier méi söcher a méi effizient** ze machen, - **dest net fir d'lescht op den Autobunnen.**

Et ass wichteg fir déi Technologien, déi mir hautdesdags zur Verfügung hunn, konsequent ze notzen an och zum Viirdeel vun eise Biergerinnen a Bierger anzesetzen.

D'Leit sollen sou méi séier gewuer ginn, wou et Problemer am Traffic ginn an déi sou évitéieren, - an och wessen a wéi engem Parkhaiser nach Plaatz ass fir den Auto ofzestellen.

Aus deem Grond ass **een intelligenten elektronischen Affichage séier sönnvoll, - dest an de Stied resp. an der Peripheri vun de Stied**, wou ee sou muench Informatiounen kréie kann.

VLäicht hei een – a mengen Aen – gutt **d'Beispill** vun der **Stad Köln** kuerz ernimmt :

Zu Köln göt et ee **Verkehrsleit- und Informationssystem**, deen aus enger ganzer Reih **variabler Anzeige- und Informationstafele** besteet, di un den Hauptzoufahrtsstroßen am Beräich vun der Kölner Peripherie an hiere wichtigsten Knotepunkte (z.B. de Brécken iwwer de Rhäin) stinn.

**Dess digital Verkéiersinformationstafeln, sougenannt Vario-Tafeln**, dinge dozou, Verkéiersteilnehmerinnen a Verkéiersteilnehmer iwwer di **aktuell Verkéierssituatioun** z'informéieren.

Op dese Schölter ginn dofir an **1. Linn Informatiounen zum fléissenden Verkéier** ugewissen, virun allem **Hiweiser op**

**Chantieren a Veranstaltungen, Informationen fir ze Parken** oder och **wou een dat nächst öffentlicht Transportmettel** fönnt.

D’Inhalter vun desen Anzeigtafelen si **fräi programméierbar** a ginn iwwer verkehrsstrategisch Algorithmen oder awer manuell gesteuert.

Si weisen **allgemeng Informationen** un, déi sich bei Bedarf och op **Emwelt- oder Méteos-Conditionen** bezéien.

Desen Affichage ass zu Köln immens beléift a gët entspreechend intensiv genotzt. Dest höet sich bei enger Parti Groußereignisser bestätigt, déi **verkéierswissenschaftlich** önnersicht an ausgewert goufen.

Mir stelle fest, dass besonnisch an deem Beräich **zu Letzebuerg** nach **net vill geschitt ass an Nachholbedarf besteet ... !!!**

Mir wëllen als CSV méi **P&R Systemer** **hannert de Grenzen** vun eisen Nopeschlänner ënnerstetzen, wouduerch den Traffic vun de Frontalier’en kéint erofgesaat ginn. Dofir muss natierlich verstärkt mat eisen Nopeschlänner kooperéiert ginn fir dës P&R Systemer op de Wee ze brengen.

**>A propos P&R** : hei wollt ech d’Fro stellen, **wéiwäit di Projeten vu P&R-Plazen hannert de Grenzen evoluéiert** hunn ??

An dese Kontext gehéieren och den Ausbau vu grenziwwergreifend Buslinien.

D'Fro steet am Raum, ob een d'Thema vun der **Liaison Zélange** net nach eng Kéier mat den franséschen a belschen Autoriéiten sollt opwerfen: doduerch kéint den Traffic an eise Grenzgebidder, virun allem vun de Camion'en, verréngert ginn.

Am Viirfeld missten heizou awer Etuden gemaach ginn an deenen soll identifizéiert ginn wat d'Avantagen an Désavantagen vun esou Mesuren sinn. Réicht duerno kann een konkret handelen.

Här Präsident,

wéi schonn gesot, dürfen sech eis Investissementer an den nächsten Joeren net nëmmen op den Zuch an den Tram beschränken ; **och am Stroossebau** sinn weider Verbesserungen noutwendeg fir och hei ze versichen den Traffic duerch eng besser Leedung a Begleedung an de Grëff ze kréien.

Am Joer 2016 sinn beispillsweis 177 Milliounen am Fonds de route investéiert ginn während am Projet de loi eng 278 Milliounen viséiert goufen. Dat maachen just 69% vun dem Ufanks ugestriewten Investissionsvolumen.

Vergläicht een dësen Invest mam Joer 2013, sou ass den Invest am fondes de Routes an absoluten Zuelen erofgaangen. (2013- 186 Milliounen) Mir wëllen, datt an deene nächste Joeren rëm méi Geld an eis Strossennetzer z'investéieren, well dës noutwendeg ass fir d'Mobilitéit am Land ze verbessern.

Besonnesch verschidden **Emgehungstroossen** mussen gebaut ginn fir den Traffic **ronderem déi kleng a grouss urban Centren** ze reduzéieren. Prioritär sinn fir d'CSV do beispillsweis **Contournement'en ronderem Zéisseng, Bascharage, Diekirch, Ettelbréck-Feelen an Housen.**

Mir wëllen, dat de **Contournement Housen direkt** realiséiert get, dest en vue vun engem Ausbau vun der **N7 op véier Spueren.**

Di demografesch Entwécklung am Norden geet an d'Luucht, - zesumme mat weideren Aarbechtsplazen get och dëss Streck ömmer méi belaascht.

Doriwwer eraus ass fir d'CSV laangfristeg den Ausbau vun allen Autobunnen op 3 Spueren viirzegesinn.

Eng Méiglechkeet wäer et dann och fir an Zukunft **déi 3. Spuer fir den öffentliche Transport an de Covoiturage ze réservéieren ?**

Wéi gesot ass de Covoiturage eng Measure déi mir wëlle förderen, an dëst wäer eng konkret Moossnahm dat ze maachen.

Ausserdem sollen d' **»Bande d'arrêt «** en op de Säiten sou ausgebaut ginn, dass se an Zukunft **am Fall vu Stau kënnen vum Öffentlechen Noverkéier** genotzt ginn.

Mir froen eis wéi et mat de Busspueren am Eescher – an Hesperbiereg ausgeseit ? Op dësen Plätzen, wou aus Platzgrënn nëmmen eng

Busspuer ass, kéint eng Busspuer, déi Directioun changéire kann, zu enger Verbesserung beidroen.

D’Fro stellt sich, ob dëss Projetë nach weidergredriwwe ginn ?

Am Kontext **ländliche Raum** wollt ech nach mol nom **Konzept vum Ruffbus** froen, wou jo – wann ech mich richtig erënneren - de Minister een Aarbechtsgrupp chargéiert höet, fir sou Konzepter ze plangen. An der Régioun Mamer ass dës Iddi deemols als **net concluant** empfonnt ginn, **mee am ländleche Raum** kéint se hëllefen den Traffic ze reduzéieren.

Dest weist d’Beispill vum Projet « **Bummelbus** » am Norden, dee mat insgesamt **160.000 Mouvementer** d’Jor seng Bewährungsprouw méi wi bestaan höet.

Doriwwe eraus sollen iwwe Land, a virun allem an de Stied, **nach méi Busspueren** entstoen, déi kënnen an de Stousszäiten genotzt ginn.

Sou Investitiounen si noutwendeg fir ee performanten öffentliche Transport an eng verbessert Mobilitéitspolitik.

Här Präsident,

Mir wollten dann och nach d’Fro no den Aarbechts- an Schoulzäitmodeller stellen: währenddems **an der Aarbechtswelt** **schon eng Flexibiliséierung vun den Schaffzäiten** wéinstens deelweis

zu enger Entlasschtung vum Traffic bäidroen kann, stellt sech d'Fro op dëst net och **an der Educatioun** méiglech wär ?

**Wann d'Lycéesen**, an virun allem déi an der Stad, géingen versichen zu verschiddenen Zäiten unzufänken, kéinntent domat **eng wesentlich Verlagerung vun de Kapazitéiten am öffentlichechen Transport** erreecht ginn an konsequenterweis och eng Entlaaschtung vum gesamten Traffic.

Esou misste wesentlich **manner Bussen** agesat ginn, wann zu önnerscheedlechen Zäiten d'Schüler an hier respektiv Schoul gefouert giffe ginn.

**Déi vieregt Regierung** haat senger Zäit schonn eng **Initiativ** geholl, ass awer mat esou enger **Propose bei den Responsabelen vun de Lycéesen net onbedéngt gutt ukomm**. Dest am Kontext vun engem Méiopwand an der **deeglicher Gestiou**n vun engem **Lycée**, - e.a. wat d'Stonnepläng oder och d'Andeelung vun den Enseignanten ugeet.

Mir sinn awer der Meenung, datt ee sou Diskussiounen soll féieren, verbonne **mat der Fro, ob d'Ministere Bausch a Meisch** dese Sujet en vue vun enger Flexibiliséierung **net scho mol** ugeschwaat hunn ?

Op d'Problematik « Mobilitéit » am Osten a Norden vun eisem Land sinn ech kuerz agaangen, mee niewt dem Zentrum – wou mäi Kolleeg **Serge Wilmes** ??? nach wäert Stellung höelen – wollt ech soen, datt

mir am Süden fir ee competitiven Qualitéitssprong erreeche wöllen fir all Südgemengen mateneen kënnen verbannen.

**Deen vum Minister proposéierten Südtram ass secherlech eng Alternativ.**

Als éischt misst een awer kucken – wann et nit scho gemeet ass - wat genee **d’Besoin’en am Süden** sinn ? Wéivill Leit mussen sich hei pro Dag wouhi beweegen ? Wann een dat bis wees kann een décidéieren op een Tram op Rieder oder een op Schinnen déi sënnvollste Léisung ass.

**Déi Froen stellen sech souwuel fir een Südtram wéi och fir een Tram rapide.**

Allerdengs mussen een au préalable mol feststellen, op dësen jusitifizéiert ass an op dës Kapazitéiten nouwendeg sinn.

Als Alternative gesinn mir **Héichleeschtungsbusser**, déi besonnesch e finanzielle Viirdeel mat sech brengen an och ganz flexibel kënnen vill Leit transportéieren.

Op jidder Fall brauch **de Süden** eng nei an méi grouss Offer un öffentlechem Transport.

Dann höet de Minister Bausch och nach d’Iddi vum **TRAM RAPIDE** proposéiert fir **tëschent der Stad an Esch-Uelzecht** de Verkéier

z'entlaaschten – eng Alternativ, déi vun enger nächster Regierung soll gepréift - an le cas échéant – soll emgesaat ginn.

Eng weider **Fro, déi ech konkret wollt stellen, wou am Ament d'Aarbechten fir d'Verduebelung vun der Beetebuerger Zuchstreck drusinn ?**

Här President,

Dir Dammen an Hären,

**Eis Meenung zu der Art a Weis vun deser Debatt** resp. di 10 gestallte Froen hunn ech am Ufank vu menger Interventioun schon dätlich gemeet.

>>>Ech hunn *en cours de route* vu menger Interventioun nit nömme probéiert **op di verschidde gestallte Froen z'äentwerten, mee** sinn och eng Parti aner Froen ugaangen an hu konkret Iddien a Verbesserungsvirschléi presentéiert.<<<

Zu de Froe selwer, wöll ech awer nach eemol betounen, **datt mir se insgesamt mat JO beäntwert hunn, selbstverständlich dofir sinn fir den Undeel vum öffentliche Transport, nei Konzepter wéi Car-Sharing a Covoiturage musse verstärht notzen, grad wéi d'Vierdeeler vun der Mobilité douce, - awer och den Individualverkéier net däerfen aus den Aen verléieren.**

..... **télétravail ?** .....

..... **Communes ?** .....

Nach ee Wuert zum Volet **Parkraummangement** : desen ass bekanntlich aus dem Projet de Loi vum Aménagement du territoire rausgeholl ginn, wat mir bedauert hunn. De Minister huet allerdengs versprach schnellsméiglechst een separaten Text ze déposieren. Mir ënnerstëtzen dës Initiativ voll a ganz, froen eis awer wou den Text drun ass ?

De Claude Wiseler huet 2012 mat senger Strategi fir eng nohalteg Mobilitéit « MoDu » d'Konzept vun der **Multi-Modalitéit** an den öffentlichen Débat verankert, - an dätlich Objektiver formuliert.

Di aktuell Regierung höet **dëse Programm un d'Begeebenheeten vun haut ungepasst, an daat fanne mir gutt.**

**Gutt, daatt mir haut iwwer d'Mobilitéit schwetzen : Elo si mir all gespaant op dee neie Modu 2.0, deen de Minister äis wöllt am Mee presentieren ..... ??**

Ech soen iech Merci fir är Opmierksamkeet